Lélia Dolinski-Schwachtgen
Conseillère communale
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER
ZESUMME GESTALTEN

DEMOKRATESCH
PARTEI
Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601
Mondorf-les-bains
dpmondorf@gmail.com

www.mondorfdp.lu

BUDGET 2017
INFRASTRUKTUREN

Gudde Moien, erlaabt mer lech e puer Zuele matzedeelen, déi d'Majoritéit vun DP an déi Gréng an d'Infrastrukturen 2017 investéieren.

4/130/221313/15002 ***250.000,- €***

Installatioun vun engem Sonneschutz um Gebai vun der Maison Relais. Erneiere vum Zënnbelag um Dach vum Centre Martialis.

4/259/221200/99001 ***50.000,- €***

Am Budget 2017 ass virgesi fir d'Spillplaze konforme ze maachen a mat neie Spiller ze komplettéieren.

4/411/221100/09006 ***750.000,- €***

Aarbechten am Kader vun den Héichwaassermossnamen. Ausféiere vun de Moossnamen 2 an 3 (Verbreedung vun der Aalbach oder Gander tëschent der Entrée am Parc an der Bréck bei der Apdikt, eng aner Verbreedung tëschent der Apdikt an der Bréck fir op Mondorff/Moselle.

4/411/221311/15013 ***250.000,- €***

Astandsetze vun der Mauer längs der Bach tëschent der Place Pigalle an der rue Dicks.

4/411/221311/16012 ***60.000,- €***

Entretiensaarbechten un der Gander zu Munneref an zu Wiis.

4/425/211000/99001 ***25.000,- €***

Ausschaffe vun engem energetesche Konzept fir d'Gemengegebaier.

4/425/211000/99002 ***82.500.- €***

Ausschaffe vun engem Konzept fir d'ëffentlech Beliichtung.

Lélia Dolinski-Schwachtgen
Conseillère communale
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER
ZESUMME GESTALTEN

DEMOKRATESCH
PARTEI
Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601
Mondorf-les-bains
dpmondorf@gmail.com

www.mondorfdp.lu

4/425/222100/15004 ***75.000,- €***

Investitiounen am Kader vum Klimapakt.

4/520/221311/09007 ***100.000,- €***

Ofschlossaarbechten um Site vun der aler Kläranlag an Erneiere vum Kollekter am Parc.

4/520/222100/15005 ***100.000,- €***

Adaptatiounsaarbechten un de Rückhaltebecken am Kanalreseau (am Brill an op der Place Bernard Weber).

4/624/221200/99001 ***200.000,- €***

Wéi all Joers gëtt an d'Verstäerkung vun der Sécherheet am Stroosseverkéier investéiert. Sécherheetsmesuren an der Réimecherstrooss, Verstäerkung vun der Beliichtung fir d'Foussgängeriwwergäng.

4/624/221313/08003 ***450.000,- €***

Infrastruktur- a Stroossenaarbechten an der Schléiwegaass.

4/624/221313/09004 ***200.000,- €***

Ofschloss vun de lnfrastruktur- an Amenagementsaarbechten am Rousebierg.

4/624/221313/09005 ***2.250.000,- €***

Infrastrukturaarbechten an Neigestaltung vun der Av. Frantz Clément, der Réimecher- an der Lëtzebuergerstrooss zu Munneref. Déi éischt Aarbechte ginn an der Allée St Christophe an op der Place Publique, oder Place Pigalle genannt, realiséiert. E Projet dee quasi integral vun der Gemeng Munneref financéiert gëtt.

Lélia Dolinski-Schwachtgen
Conseillère communale
Fraction DP

MUNNEREF WEIDER
ZESUMME GESTALTEN

DEMOKRATESCH
PARTEI
Section Mondorf-Burmerange

b.p. 10 L-5601
Mondorf-les-bains
dpmondorf@gmail.com

www.mondorfdp.lu

4/624/221313/12003 ***1.000.000,- €***

Infrastrukturen an Reamenagement am Zentrum vun Altwies. An der Fëlschtrëffer- an an der Victor Hugo Strooss sinn de Gas- an de Waasseruschloss un d'Haiser gemaacht ginn. An der rue Jean-Pierre Molitor gi Waasser, Kanal a Gas nei verluecht. Am Bréimwee, an der rue de l'Eglise an an der rue Emile Kohn sinn Aarbechte fir de Gas an de Kanal virgesinn.

4/624/221313/16007 ***500.000,- €***

Infrastrukturaarbechten am Kader vum PAP rue de la Gare. Als 1. Etape ass de Parking virgesinn.

4/624/221313/17007 ***100.000,- €***

Etuden fir d'Erneiere vun den Infrastrukturen an de Reamenagement an der av. Dr Kein.

4/624/221313/99001 ***200.000,- €***

Infrastrukturaarbechten an der Gemeng: Fäerdegstelle vu verschidden Amenagementer wéi Trottoiren, dee leschte Belag an de Gemengestroossen zu Elleng, an der rue des Champs, rue Killen, rue du Lavoir an zu Wiiss an der Munnerefer- an an der Letzebuergerstrooss.

Total vun den Investitiounen an Infrastrukturen am Budget 2017: ***6.642.500***,- ***€***. Vill Suen déi awer gutt, a virun allem an d'Liewensqualitéit vun eise Bierger investéiert ginn.

Ech wëll nach dem Schäfferot a senge Mataarbechter aus der Administratioun och dëst Joer Merci soe fir d'Realisatioun vum Budget 2017. D'Leit vun allen Servicer wëll ech net vergiessen an hinne Merci soe fir déi gutt Aarbecht déi si am Laf vum Joer maachen.

Ech wënschen Iech all an Äre Famille schéi Feierdeeg an eng gutt Gesondheet fir 2017.

Merci fir Ärt Nolauschteren.